



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5210 vum 10. November 2021 vun den honorabelen Députéierten Serge Wilmes, Laurent Mosar a Léon Gloden

Ad 1):

Am Verglach zur selwechter Period 2020, geet d'Unzuel vun all Zorte vun Abréch tendenziell an den dräi éischten Trimesteren 2021 landeswäit erof. Et handelt sech awer heibäi net ëm definitiv Statistiken, well ee muss dovun ausgoen dat nach net all Faiten bis elo komplett saiséiert goufen.

Wat d'Abréch alleng um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg betrëfft, sou situéieren déi sech haaptsächlech am Beräich vun de sougenannte ‚Kellerabréch‘. Obwuel d'Police nach keng definitiv Statistike kann opstellen, gëtt elo scho constatéiert, dat déi Zort vu Faiten tendenziell méi wéi 2/3 vun allen Abréch um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg ausmaachen. Bei iwwert 50% vun deene Faiten ass et beim Versuch bliwwen.

Ad 2):

Erklärungen dozou hänke mat der Beschafungskriminalitéit am Kontext vun der Drogeproblematik zesummen, respektiv mat Faiten, wou en Ënnerdaach fir d'Nuecht gesicht gëtt.

Ad 3):

A Punkto Repressioun schafft d'Police um stadter Territoire ganz aktiv op dem Phenomen vun den Abréch, souwuel an Uniform wéi och an Zivil. Et kennt regelméisseg zu Interpellatiounen an deem Beräich.

An Punkto Preventioun fanne regelméisseg Berodunge fir Bierger statt, wéi och gezielt Campagnen. Sou ass an der Stad en 'toute-boîte' gemaach ginn mat e puer Rotschléi fir notamment Kellerabréch ze prävenéieren respektiv Appartementer, Kellere a Garagen méi abrochsécher ze maachen, wat déi héich Unzuel vu Versich zum Deel erkläert. Donieft sinn och d'Syndic'e vu Residenzen säitens der Police sensibiliséiert ginn, fir d'Abrochspreventiounsmesuren de Proprietairen a Locataire reegelméisseg ze rappeléieren.

Lëtzebuerg, den 30. November 2021.

Den Ministre de la Sécurité intérieure
(s.) Henri KOX